den Lac de la Moselotte

De Weekend vum 28. Bis den 30. Abrëll sinn d´Fëscher vum Fly Fishing Club aus Lëtzebuerg op Saulxures – sur – Moselotte gefuer fir um Lac de la Moselotte mat der Méck ze fëschen. Eis Sortie an d´Vogesen ass ëmmer ee ganz besonneschen Ausfluch ewell mir op dëser Plaz och d´Méiglechkeet hunn a Chaleten déi direkt um Séi geleeë sinn ze iwwernuechten. Dofir profitéiere mir dann och dovunner fir ee ganze Weekend op dëser Plaz ze fëschen a verschidde vun eise Membere waren ze guer scho Mëttwochs oder Donneschdes ugereest fir nach ee puer Deeg wëder kënnen hei ze verbréngen. Mam Wieder hate mir et dëst Joer gutt erwëscht, hat et dat lescht Joer nach mat Eemere gereent esou hate mir dëst Joer bal nëmme Sonn och wann ee kale Wand geblosen huet an ze guer op der Koppe bei eiser Urees nach Schnéi ze gesi war.

Ganz besonnesch hunn mir eis awer och op déi scho legendär Grillowender gefreet, heifir riichte mir och ëmmer extra een Zelt op fir dass mir och bei schlechtem Wieder net brauchen dorop ze verzichten. Dëst Joer huet d´Wieder awer ewéi scho geschriwwe mat gespillt och wann et Owes an an der Nuecht nach richteg kal mat Minus Grade war. Schonn eis Zelt opriichte war eng ganz lëschteg Saach a mir hunn scho vill ze laache gehat mat deenen A a B Staangen déi awer och ëmmer op der falscher Plaz waren, mee mat ee bëssen Nohëllef vun eise President deen iergendwann gemierkt huet dass an deem ganze Chaos Ee misst d´Richtung uginn, hunn mir et dunn awer nach fäerdeg bruecht eisen Ënnerdaach op ze riichten. No deier viller Aarbecht hunn mir eis dunn natierlech ee mol fir unzefänken deen een oder aneren Aperitif gegonnt.Den éischten Owend hate mir Spaghettie gekacht, heifir hat de Jemp schonn do Heem déi rout Zooss gekacht esou dass mir nëmmen hunn missen op der Plaz d´Spaghettie kachen an d´Zooss waarm maachen. No deem ustrengende Fëscherdag huet dann och keen sech laang fléiwe gelooss a mir hunn schéin dobäi gemaach. Den zweeten Owend stoung dunn Grillen um Programm, dëst Joer war eise President, de Jeek, erëm Grillmeeschter an Hien huet eis dobäi schéi verwinnt. Och dee leschten Dag grille mir Mëttes ëmmer als Ofschloss ewell déi Meeschten sech duerno op d´Heemrees maachen och wann deen Een oder Aneren nach net genuch vum Fëschen huet an nach ee puer Stonnen drun hänkt fir uschléissend Owes eréischt Heem ze fueren.

Eigentlech ware mir jo awer op de Lac de la Moselotte gefuer fir ze fëschen, nodeems mir eis Saachen am Chalet verstaut haten hunn mir séier eis Staangen opgeriicht a schonn ass et lass gaangen. Ech perséinlech riichte mir ëmmer dräi Staangen op woubäi ech Dës mat enger Floating, Intermediate a Fast Sinking Schouer equipéieren. Beim Waasser ukomm hunn mir natierlech fir d´éischt ee mol ee bësse mat de Kollege gepotert déi schonn éischter ugereest waren an eis och dës Kéier erëm ze verziele woussten dass ganz schéi Fësch besat wären an dass mir net ze dënn Virfächer sollten asetzen ewell d´Forelle richteg déck wären an sech och net esou séier géife geschloe ginn. Och wat d´Mécken ubelaangt hunn Sie eis den een oder anere gutt gemengte Rotschlo ginn och wann hei Jiddereen seng eege Preferenzen huet. Et ass awer wei all Joer vill mat dresche Mécken (Réihhoer Sedge, schwarz Scarabeeën oder och nach Bibio Marci) gefaange ginn, natierlech hunn och schwaarz an Oliv Streamer schéi Fësch bruecht. Allgemeng ass awer Freides am meeschte gefaange ginn, duerno sinn d´Fësch ëmmer méi selektiv gi wat mat Sécherheet och op déi vill Fëscher zeréck ze féiere war déi vunn Freides aus un vum verlängerte Weekend ze profitéiere wousste fir op dëser Plaz hirer Passioun no ze kommen. Dat huet eis d´Fëschen natierlech net erliichtert ewell d´Fësch ëmmer méi mësstrauesch gi sinn. Mir hunn awer vill a schéi Fësch gefaangen an Dës hunn eis och Alles ofverlaangt ewell se an Top Form waren. Ech perséinlech hunn dëst Joer vill dovunner profitéiert fir mat der dréchener Méck ze fëschen och wann ech déi meeschte Fësch awer mam Streamer gefaangen hunn. D´Fësch hunn

bei der dresche Méck oft nëmme widder d´Méck gestouss wat bedéngt huet dass een d´Fëscher oft fluchen héieren huet ewell Sie de Fësch verpasst haten.

Samschdes Moies sinn dunn och nach eis Kollegen aus dem noe Saarland, de Gerd, de Ferdi an de Joachim, de Raymond mat der Famille an de Sedat nokomm. De Sedat hat sech Mëttes ee Boot geléint an huet esou konnte vill Fësch fänken. De Raymond ass souwisou een ale Fuuss an Him hunn mir Näischt bräichte mat op de Wee ze ginn ewell Hien sech och Beschtens um Séi vun der Moselotte

auskennt. Eis dräi däitsch Kollege waren dann och begeeschtert vun deem schéine Site a besonnesch ugedoen haten Hinnen et déi kampfstaark Fësch. Et huet sech awer och dës Kéier erëm gewisen dass et ganz wichteg ass dass mir ëmmer eisen eegenen Dok dobäi hunn, ewell et déi ganzen Zäiten nawell net schlecht geblosen huet hat de Joachim sech een Ouerrank zougeluecht, Hien hat sech de Streamer an d´Ouer gehäit a war méi wéi frou dass de Jeek Hien dovunner befreie konnt.

Mir haten erëm ee puer wonnerschéin Deeg zu Saulxures, et ass zwar vun Dag zu Dag méi schwéier gi Fësch ze fänke wat mat Sécherheet op déi vill Fëscher zeréck ze féiere war déi vum

laange Weekend ze profitéiere woussten. Et war awer esou dass wann een ee Fësch gefaangen huet da war et och meeschtens een Décken. Mir hunn och Alleguerte Fësch gefaangen, d´Spaghettien a Gegrilltes waren ewéi ëmmer excellent, Duuscht huet och Kee gelidden esou dass mir och dës Kéier erëm op eng ganz gelonge Sortie zeréck kucken.